association des institutrices et instituteurs de l'éducation préscolaire

aip info

PPL

Appui

PRS

Tâche

Bilan

Semestren ..... Trimestren

Contingent

Questionnaire

fréijoer 2011

Association des institutrices et instituteurs préscolaires

Présidente :

HILD Yola
36, rue de Mamer
L-8081 Bertrange
Tél école: 4796 6676
Gsm: 621 250 173
e-mail: yola.hild@education.lu

Secrétaire:

THILL-BUCHMANN Simone
36, op der Schanz
L-6225 Altrier
Tél + Fax : 790 374
Tél école: 790 730
e-mail: thill.simone@education.lu

Trésorière :

CIATTI Carole
34, Cité Breitfeld
L-4519 DIFFERDANGE
Gsm: 661 581 102
e-mail: citi@pt.lu

Homepage: www.aip.lu

Membres :

THEOBALD-SCHMIT Joëlle
24, rue de Mensdorf
L-6911 Roodt-sur-syre
Gsm: 691 250 269
e-mail: joelle.theobald@education.lu

STAHL Anne
12, rue Kummert
L-6743 Grevenmacher
e-mail: astahl@pt.lu

Poos Nathalie
55, Haaptstrooss
L-6869 Wecker
Gsm: 691 789 914
e-mail: nathalie.poos@hotmail.com

Siège social et adresse postale :

AIP
c/o THILL-BUCHMANN Simone
36, op der Schanz
L-6225 Altrier
Tel + Fax : 790 374
Tél école: 790 730
e-mail: thill.simone@education.lu

Vu lénks no rechts: Nathalie Poos, Michèle Houllard austriedend, Yola Hild, Simone Thill, Joëlle Theobald an Carole Ciatti. Net op der Foto Anne Stahl.

Editorial

MADAME MINISTER : MUSS DAT SINN ?

Elo ass onst 2. Joer „neit Schoulgesetz“ geschwënn eriwwer - kucke mir zeréck, wat dëst Joer geschitt ass, wat huet ons am meeschten ze schaffe gemaach !

- Bal all Schoul ass duerch mat sengem PRS (plan de réussite scolaire), mol gutt, mol mat méi Schwieregkeeten. Mir probéieren all MEN-Innovatioun an onse Schoulen ëmzesetzen, mir maachen onst Bescht fir dass mir ons Aarbecht mat de Kanner, a fir d'Kanner, och zu onser Zefriddenheet kënnen erfëllen. Als Merci gëtt vu Säite vum MEN keng Geleeënheet ausgelooss, fir ons an der Öffentlechkeet als „faul Säck“ duerzestellen. **Muss dat sinn ?**

- Eng Diskussioun iwwert d'Ännerung vun den Trimesteren op Semesteren hat ee Moment fir vill „Zündstoff“ gesuergt. Mat den Enseignanten kann ee jo villes maachen, awer net alles! Madame Minister, firwat bewosst eng Konfrontatioun mat Ären Enseignante sichen? **Muss dat sinn?** Gott sei Dank konnt d'Intersyndicale (Apess, Féduse, SEW, SNE - leider haten se e bëssche spéit och un d'AIP geduecht!) sech duerchsetzen, Gott sei Dank halen all d'Enseignanten a wichtege Momenter fest zesummen.

- Wann ee gemengt hat, d'Schoule sollte sech emol ufrënnen mat: comité d'école, équipes pédagogiques, cycles 1-4, coordinateur de cycle, comité des parents, bilans intermédiaires, bilans de fin de cycle, Appui, PRS, contingent, … da kréie mir deemnächst nach eng flott Aufgab ze knaen: de PPL (plan périscolaire local). A wéi eng « Denkmaschinn huet dat nes erfonnt ? D'Schoule solle méi engk mat de « structures d'accueil » zesummeschaffen, d.h. den Enseignant soll dem Educateur zur Säit stoen, an ëmgedréit, den Educateur hëlleft dem Enseignant. Aktivitéite sollen zesumme geplangt an ugebuede ginn. Dat Ganzt gëtt am Kader vun enger „plateforme“ organiséiert, net ze vergiessen, dass och do nes ee Rapport muss geschriwwe ginn! Och des PPLen wäerte nes fir vill Duercherneen suergen, vill Onzefriddenheet schafen, vill Enseignanten demotivéieren - an dat zum Nodeel vu wiem: de Kanner! **Muss dat sinn?** Firwat forcéiert Strukture schafen déi kengem Hëllefen, am Géigendeel.
  Sinn d'Educateuren dann net capabel eegestänneg ze schaffen? Hunn si net genuch Aarbecht fir hir educativ Missioun z'erfëllen? Duefir sinn se dach ausgebild ginn, oder net? Solle mir och elo nach hier Aarbecht maachen? Muss dat sinn?

- Fir d'Schoulrentrée 2011-2012 z'organiséieren huet nes all Schoul deen ominéisen Contingent virun Aen gehal kritt. Dat huet och dëst Joer nes grouss Mëssstëmmung a vill vun onse Schoule bruecht, an d'Kollegen/innen hunn op muenche Plazen hefteg diskutéiert a gestridden. **Muss dat sinn?**

Madame Minister, esou reit sech eng Komplikatioun un déi aner an d'Enseignanten kréie méi a méi eng rieseg Flemm.Wéi solle mir gutt, efficace a motivéiert schaffen - ee MERCI héiere mir kaum ! Mir jiddefalls hunn d'Gefill dass ons wäertvoll Aarbecht net honoréiert gëtt, am Géigendeel, ëmmer ërem gi mir mat, an der Praxis schwéier ëmsetzbaren, Neierungen konfrontéiert ouni dass mir emol eng Kéier richteg duerchotme kënnen. Mir héiere vill Kritik, mir sinn déi „Béis“, déi net prett sinn fir ëmzedenken a net bereet sinn „ouni ze mucken“ dem fläissege MEN seng Iddien ze droen an ëmzesetzen.

Madame Minister, stoppt Är „Reformitis“, gitt an d'Schoule kucken a schwätzt mat ons. D'Stëmmung a ville Schoulen ass op engem absoluten Déifpunkt ukomm, wat en etlech Konsequenzen huet fir d'Enseignanten, d'Qualitéit vun der öffentlecher Schoul a virun allem d'Kanner. **Muss dat sinn?**
Madame Minister, e **gudde** Patron, dee wëllt dass seng Entreprise och **gutt** funktionéiert, dee steet hannert senge Leit a lauschtert op si. Et si jo och si déi all Dag fir de Patron schaffen an also och voll den Alldag erliewen. Madame Minister, fir d'Schoulrentrée 2011-2012 erwaarde mir ons vun Iech een oppent Ouer fir ons Virschléi, ons Kritiken (positiv a négativ), ons Doléancen an ons Suergen, zemol well et jo d'Joer ass vun **Ärem** Bilan - der Analyse iwwert d'Schoulgesetz, fir déi néideg Upassungen an / oder Ännerungen ze maachen. **Dat muss sinn !**

Presidentin
Yola Hild


Agence Qualité Manager
Inspectorat Manager
Instituteur Ressources
MFpRa Manager
FAPEL Manager
MEN Attaché Manager
SCRIPT Manager
MEN Manager
SYVICOL Manager
Ministère de la Famille Manager
Enseignant

AIP PORTFOLIO-Muster

D'AIP gëtt fir den Hierscht 2011 e Portfolio eraus deen duerch den SNE verkaaft gëtt.



Deen 1.Deel behandelt den « ECH » an d'Sprooche-Kompetenzen.

Den Hierscht 2012 gi mir dann den 2.Deel mat dem Rescht vun de Kompetenzen eraus. Grafik a Layout vum Portfolio: Edith Rollinger-Simon

Entrevue Ministère 1.Februar 2011

Bei der Entrevue waren vum MEN derbäi: Mme Mady Delvaux-Stehres, Guy Strauss, André Wilmes a Flore Schank.
Vun der AIP war eng Delegatioun vertrueden duerch: Yola Hild, Simone Thill-Buchmann, Joëlle Theobald-Schmit, Nathalie Poos a Carole Ciatti.
D'Äntwert vun der Ministesch, der Madame Mady Delvaux-Stehres ass roud.

1.Zum Appui:

Dir hat eis versprach, do géif eng Lëscht ausgeschafft ginn, wat als Appui géif zielen, z.B." Exemples de bonnes pratiques".
All Aarbecht mat Kanner ausser den normalen Aarbechtsstonnen oder als Surplus:
Schoulsportdag, Assistance en classe,
Sortiën, Kulturell, Musek, Theater, Musée…
Colonie, Ausfluch
Mëttesstonn, Spillnomëtteger, Bastelen…
Projets, Theateropféierung, Fester (Schoulfest, Ausstellung)…
Sportaktivitéiten, Schwammnomëtteger, Psychomotorik, Airtramp…

Des Lëscht ass an der Ausaarbechtung, dir därft eis Proposen eraginn. Dir kritt des Lëscht dann fir en Avis driwwer ofzeginn.

Kënnt d'Colonie net als Appui unerkannt ginn, well dest ass fir d'Kanner eng léierrräich Erfahrung an allen Hisiichten?
(Iwwer dëse Punkt huet d'Ministesch net mat sech diskutéiere gelooss, och net fir do e puer Stonnen unerkannt ze kréien. Verschidden Inspekteren erkennen awer zwou Stonnen pro Coloniedag un.)

2.Zu eiser Tâche an zu de Bilan'en:

Mir wëllen d'Tâche an d'Bilan'en wéi an dienen anere Cyclen, well nëmmen esou ass et méiglech, datt eisen Appui an d'Schoulzäit fällt an datt déi Kléng net no der Schoul nach mussen dobleiwen, well si sinn da vill ze vill mitt.
2 Bilan'en géifen duer goen, well et ass komplizéiert fir mat den Elteren ee RDV ze fannen, verschidden Elteren halen de RDV net an oder komme guer net.

Wa verschidden Elteren hirer Flicht net nokommen, soll een den „Assistant social" awertéieren an da soll dien bei den Elteren intervenéieren.

(Ausserdiem huet d'Ministesch gemengt, mir kënnte jo bei d'Elteren heem goen. Esouwäit se mer elo schon??????)
D'Bilan'e misst ee kënnen mat weiderginn an de Cycle 2 oder mat heem ginn, firwat ass soss an all Bilan dee Kompetenzendeel? Dat ass jo éischter eng Info fir d'Elteren.

Dest get a verschiddene Géigenden ënnerschiddlech gehandhaabt, och doriwwer ginn nach weider Ideeë gesammelt.

Zum Layout: An de Bilan'en feelt den „Entretien 7, 8 a 9" op der Säit wou d'Eltere sollen ënnerschreiwen, falls e Kand e Sursis huet oder gett et do d'Méiglechkeet dat erauszedrécken? Op dier Säit missten och 1-2 Zeile virgesi sinn wann d'Kand plënnert (Datum, Schoul, titulaire…). Kréie mir an Zukunft nach e gedrécktene Bilan?

Et gett an Zukunft nach ëmmer e gedrecktene Bilan, fir de Fall vum Sursis fënnt een déi néideg Ziedelen um Site fir erauszedrécken. All déi aner Iddeeën hu mir eis notéiert a wärten an Zukunft mat bëuecht ginn.

3. Formatioun :

Ass et nach méiglech d'Formatioun ze maachen fir vum Cycle 1 an déi aner Cyclen ze wiesselen oder emgedréint? Missten d'Enseignanten net och d'Méiglechkeet kréien, wéi d'Chargeeë fir 3 Wochen e Stage do ze maachen an dann och do därfe Schoul ze halen? Schlussendlech musse verschidden Enseignant'en aus dem Cycle 1 hiren Appui an dem Cycle 2 halen, da senn se anscheinend qualifizéiert genug.
Fir d'Formatioun ze maachen, déi Méiglechkeet get et net méi, well dëst net mam Gesetz kompatibel ass. Mee en 3 Wochestage wéi all Chargee e micht, misst eigentlech och unerkannt ginn an de Brevetéierten erlaben an diem anere Cycle Schoul ze halen. Et däerf een awer nëmme wiesselen, wann do eng Plaz op bleiwt, fir zeréck ze wiesselen, muss do dann och erëm eng Plaz fräi sinn. Et verléiert een dann fir dat Joer seng Alterspriorité́it, duerno geet awer déi ganz Prioritéit erëm virun, wéi wann een ëmmer schon an diem Cycle geschafft hät.

4. Instituteurs ressources :

Wéi mer bei dem Ausschaffen vum Schoulgesetz derbäi waren, ass gesot ginn, d'Instituteurs ressources hätte keng Kontrollfunktioun an de Klassen, si géifen nëmmen hellefen falls ee Problemer hätt a falls een se ruffe géif. Emmer méi musse mer awer héieren, datt déi emmer méi d'Klasse kontrolléiere sollen. Souguer d'Président d'écoles an d'Coordinateuren sollen bei hir Kollegen an d'Klass goen a kontrolléiere wéi si sech mat de Competenzen beschäftegen a wat fir eng Competenzen d'Kanner scho beherrschen? Ass dat net eng Zoumudung?

D'"Instituteurs ressources" solle keng Kontrollfunktioun hun, si sollen nëmmen mat gudde Rotschléi beistoen.

6. Remplaçant'en :

Et feelen andauernd Remplaçant'en, sou dass déi Leit vun dienen anere Klassen mussen asprangen oder dass d'Kanner mussen opgedeelt ginn.

Leider ass et net einfach fir weider Remplaçant'en ze fannen, mee det gett an d'Zukunft iwwerall versicht.

7. Précoce 2ème personne :

Vu watfir enger Zuel u muss am Précoce eng 2. Persoun derbäi sinn? Dat gett net iwwerall d'selwecht gehandhaabt. ?
Leit vum „Enseignement à 2" z.B. mussen d'Educatricen vum Précoce ersetzen, souguer wann dee Moment am Grupp vum Précoce nëmmen 5-6 Kanner sin.

Eigentlech ass dat am Schoulgesetz gereegelt an et missten ab 6 Kanner 2 Persounen am Précoce sinn. Mir wärten des Problemer nokucken.

An aner Gemenge setzt den Enseignant awer d'ganz Joer mat 6 Kanner aleng am Précoce. Op dienen enge Plaze gett dien 2. ersat, falls ee krank ass a bei dienen aneren net. Mist et do keng Linn ginn, wéi dat iwwerall am Land soll gahandhaabt ginn?

8. Instituteur principale unerkennen :

Fir déi, déi 10, 11 an 12 Joër schaffen, soll den "instituteur principal"unerkannt ginn.

Do ass en anert Ministère derfir zoustänneg, dat Ganzt ass elo um Geriicht a je no diem wéi d'Urteel ausfällt, kann dat sech änneren.

9. PRS a Contingent:

Wann d'PRS'en elo ausgeschafft sinn, gett dann de Contingent gehéicht? Bei ville Schoule kënnt de Cycle 1 net vill zu Wuert, well déi aner Cyclen maachen ¾ aus a mir nëmmen ¼. Wann de Contingent muss erofgesat ginn, da gett oft am Cycle 1 gekiirzt.
De Contingent ass ze niddereg: Den Teamteaching ass nët méi méiglech oder sou kleng Projeten wéi z.B. Psychomotrizitéitsgrupp, Klammschoul, Appui am Lëtzebuergeschen… hu rëm missten ofgeschaaft ginn. Beides ass nët akzeptabel.

Mir hun eigentlech vu ganz Europa mat déi héichst Unzuel vun Enseignant'en proportional zur Kannerzuel. Mir hun hei zu Lëtzebuerg fir 500 000 Awunner 11 000 Enseignant'en. D'Ministesch aus dem Saarland war elo bei eis op Besuch, do gett et op 1 000 000 Awunner nëmmen 8 000 Enseignant'en.

10. Journal de classe:

Eise Journal huet esou kleng Heisercher, datt mer 16a , also 3 Buchstawen oder Zifferen net dra geschriwwe kréien. Ausserdiem wir et besser wa moies a mëttes getrennt wir, well wann dann den Enseignant wiesselt, muss ee net mat Ziedelcher fueren, fir dass dien nächste Bescheed weess, wéi et moies war.
Mir notéieren eis déi Detailer.

11. Portfolio:

Gett de Portfolio obligatoresch gemaach ? Gett eppes dozou fir de Cylcle 1 publizéiert ?
Et ass virgesinn, datt de Portfolio an nächster Zukunft obligatoresch gett, mee awer nach net dat nächst Joer. Iwwerall am Land ginn elo Versammlungen zum Thema ofgehalen fir d'Enseignant'en doriwwer ze informéieren. E Grupp vu Multiplicateuren sammelt gudd Iddeeën zum Thema, duerno sollen si den Enseignant'en weise wéi si sech dobäi uleeë sollen. Et ass awer net virgesinn, dat mir eppes zum Thema Portfolio publizéieren.

12.CIS an Equipes multiprofessionnelles :

Wéi ass et mat den « équipes mutiprofessionnelles » déi dat neit Gesetz virgesäit ? Kënnt diemnächst eng Ënnerstetzung vu Psychologen, Logopäden (déi ginn dringend am C1 gebraucht), Ergotherapeuten, Psychomotoriker,… ? Gëllt dat och fir déi kleng Gemengen?
Op verschiddene Plazen am Land klappt Zesummenaarbecht mat der Cis nët richteg.
Zur Integratioun vu behënnerte Kanner, musse mer bemierken, dass dëst oft zu Ongonschten vun dienen anere Kanner geet, dëst misst am Contingent besser kënne bëuecht ginn.

Et ass net einfach fir genug ausgebilte Personal ze fannen. Dëst Joer waren 350 Persounen do am Asaz. Dat d'nächst Schouljoer sollen 20 nei Posten derbäi kommen, dat mecht dann awer nach nëmmen 1 Posten méi pro Sekteur.

13.Sécurité dans les écoles et responsabilité du personnel enseignant :

Verschidde Gemengen hun e Circulaire verschéckt, dësen ass net iwwerall d'selwecht…
Wann dir Mängel oder Geforen bei eech an der Schoul fest gestallt hutt, da wendt eech un ären „Délégué à la sécurité", am beschten ass et wann dir dat schréftlech maacht. Sou kann desen Delegéierten dann dëst weiderleeden un d'Gemeng an dir kënnt herno noweisen dat dir do reklaméiert hutt.

Virwat ass et net méiglech, dass een e Begleeder op eng Sortie mathuele kann, well kee Kredit dofir virgesinn ass? Wann et awer em d'Responsabilitéit geet ass den Enseignant haftbar, mee et ass awer net einfach e gratis Begleeder ze fannen. Oft hätt de Chargee Zeit fir een ze begleeden, mee dëse gett net bezuelt oder mir kréien d'Sortien net als Iwwerstonnen bezuelt.

Leider ass kee Kredit dofir virgesinn, wann d'Gemengen d'Begleeder net bezuelen, muss ee Benevoler sichen, déi ee begleeden. D'Elteren sënn oft frou fir därfen matzegoen.

Wéi wir et dann, wann een deelweis säin Appui dofir giff huelen? Well et ass och net ëmmer gudd, wa verschidde Kanner vun hiren Elteren begleed ginn. Oft sinn d'Kanner da ganz anescht, wéi soss a fir si ass et da pedagogesch net méi esou wertvoll.
Mir hätten net gär wann den Appui dofir géif benotzt ginn, well ënner Appui versti mir eppes anescht. Mir mussen an d'Zukunft eng Kultur zesummen mat den Elteren opbauen.

14. »Pool des remplaçants » a Concours :

Verschidde Froen an Äntwerten dozou ?
Falls en Enseignant de Concours net gepackt huet oder de Concours gepackt huet a sech net „en Rang utile » classéiert huet, kënnt hien an de « Pool des Remplaçants ». Och en diploméierten Enseignant ka sech an de « Pool » mellen, hie behällt da säi Gehalt vu virdrun.

BURN-OUT

De Begrëff « burn-out » ass 1974 fir d'éischt vum

Herbert Freudenberger, en Psychoanalytiker benotzt ginn .

PHASEN VUM BURN-OUT :

Enthusiasmus
Stagnatioun
Frustratioun
Apathie
Burn-out



D' Syndrom vum « Burn-out » kann an all Beruffs-sparten optrieden, mee ganz oft betraff si Leit déi an « Déngschtleeschtungsberuffer » schaffen.

Si gi mat ganz vill Idealismus a guddem Virsaz un hir Aarbecht erun. (Phase Enthusiasmus)- mierken dann , dass et trotz extremem Asaz net viru geet- Fortschrëtter bleiwen aus an et kënnt zur Frustratioun.
An der Phase vun der Apathie ass d' Aarbecht just nach ënner gréissten Ustrengungen ze maachen.
De betraffene Leit fällt et schwéier fir sech nei Zieler ze sichen oder fir sech senger eegener Situatioun iwwerhaapt bewosst ze ginn.
Si wierken « phlegmatesch » souwuel berufflech wéi och privat, well Beruffs- a Privat-liewen kënnen net méi vuneneen getrennt ginn.

Des Leit waren iwwer eng laang Zäit extrem héich engagéiert an erwaarden eng deemenspriechend Unerkennung fir hir Aarbecht.

Burn-out ass eng Reaktioun op eng héich emotional Belaaschtung am Zesummenhang mat engem laangen an intensiven Asaz fir aner.

« Et ka just een « ausbrennen » - dee virdrun a Flaame stung »

BEHANDLUNG :

Patienten mat « burn-out » Syndrom brauche professionnel Hëllef- et geet net « einfach esou » ewech .
Eng gezielt Psychotherapie kann hëllefen fir sech selwer, an déi egen Leeschtungsfäegkeet besser kënnen anzeschätze fir an Zukunft d'Ufuederungen u sech selwer méi realistesch kënnen ze stellen.

Gewosst ass , dass vill Enseignanten krank geschriwwe ginn wéinst Réckeproblemer etc. oder Otemweeerkrankungen. Wat awer net ëmmer gewosst ass , sinn déi Krankschreiwungen déi eng psychesch Belaaschtung als Ursaach hunn, woubäi des psychesch Krankheeten oft och bei deenen anerere Krankheeten matspillen.

Belaaschtung op der Aarbecht, physesch oder psychesch ass en « normalt « Phenomen a mécht net onbedéngt krank- do spillen nach eng Rei aner Faktoren matt.

URSAACH

Sinn d'Emstänn Schold?

Permanent Konfrontatioun mat Problemer, net genuch Ressourcen, wéineg oder iwwerhaapt keen positive Feed-back, keng Trennung méi tëschent Privat- a Beruffsliewen, schlecht Team-aarbecht, Mobbing, vill Kaméidi an de Klassen, schlecht Kierperhaltung beim Schaffen a Spillen matt de Kanner, Zäitdrock, Stress, administrativ Chargen déi ëmmer méi zouhuelen, de Kontakt mat den Elteren, an net ze vergiessen d'Belaaschtung an d'Aarbecht mat Kanner « à besoins spécifiques » , …. etc

Des Faktoren spillen eng grouss Roll mee si eleng sinn net d'Ursaach, well soss wieren nach méi Enseignanten vum Burn -out Syndrom betraff.

Ass deen Eenzelne Schold?

D'Perséinlechkeet vum Eenzelnen mat senge Wënsch an Ängschten spillt och eng wichteg Roll :
Eiergäiz, Perfektionismus, net kënnen « neen » soen, Angscht d'Erwaardung vun deenen aneren net kënnen z' erfëllen, Angscht virun Kritik, Angscht net de Beschten ze sinn, zevill vun sech selwer verlaangen an och erwaarden, sech selwer keng Feeler verzeien..….

Et ass dëst Zesummespill vun den Emstänn an der Perséinlechkeet wat muss genee gekuckt ginn - well béides spillt am Prozess zum Burn-out Syndrom.

Interessant Bicher zum Thema :

Burn-out:
Wenn die Maske zerbricht:...
Dr. Manfred Neltin...

Burn out:
Erprobte Wege aus der Falle
Claudia Fiedler, Ilse Goldschmit

30 Minuten gegen Burn-out
Frank Berndt

Quelle: Internet, Amazon

Text: Theobald Joëlle

ARS LIBRI

ANNONCE

www.aip.lu

aip

Association des institutrices et instituteurs préscolaires

Luxembourg, 3/05/11

Madame Mady Delvaux-Stehres

Ministre de l'Education nationale et

de la Formation professionnelle

29, rue Aldringen

L - 2926 Luxembourg

Objet : Avis de l'AIP concernant la circulaire pédagogique ministérielle aux administrations communales concernant l'organisation scolaire pour la rentrée scolaire 2011/2012

Madame la Ministre,

L'AIP remercie le MEN d'avoir été demandée en son avis concernant la circulaire aux administrations communales et vous fait parvenir son avis concernant le document sous main.

1.2. -2ème tiret et 4.2. :

A maintes reprises le document prône la collaboration entre l'école et les structures d'accueil – or, l'AIP ne peut que répéter que des synergies forcées et exagérées entre « école » et « garderie » sapent l'autorité et le sérieux de l'école. En effet, ni les enfants, ni même les parents, ne font plus de différence,
pourtant énorme, entre les deux institutions. Aussi avons-nous pitié des enfants qui se trouvent sur le même site dans les mêmes infrastructures, durant des journées, des semaines, des mois et même des années entières.
Madame la Ministre, votre souci d'épargner de l'argent aux communes, par le biais d'infrastructures communes, ne devrait pas aller aux dépens du bien-être des enfants.

1.2. -3ème tiret :

En ce qui concerne la fréquentation scolaire en cas de force majeure, l'AIP est d'avis que les cas d'intempéries sont également des cas de force majeure – il ne faudrait donc pas les énumérer séparément !
Dans votre projet de la circulaire vous écrivez : « le personnel des écoles a l'obligation de se rendre à son lieu de travail » ! Et si le réacteur nucléaire de Cattenom dégénère en Furushima – les enseignants seraient-ils forcés de se rendre à l'école ?
Que se passe-t-il si l'enseignant, identifié au préalable pour assurer l'accueil, n'est pas censé être à l'école le jour où il y a cas de force majeure (maladie, décharge, …) – devra-t-il s'y rendre quand même ?

1.2. -5ème tiret :

Concernant la décharge accordée à l'enseignant qui assure une délégation à la sécurité l'AIP est d'avis que cette décharge devrait être fixée d'office comme suit :

une demi-leçon d'enseignement hebdomadaire pour 10 salles de classe
une leçon à partir de 10 jusqu'à 20 salles de classe et à
2,5 leçons d'enseignement hebdomadaire à partir de 20 salles de classe.

3.3.:

Depuis sa mise en œuvre, l'AIP a du mal à accepter le calcul du contingent.
Souvent la composition socioéconomique et socioculturelle de la population scolaire ne reflète pas toujours la réalité dans nos écoles ; p. ex. le quartier Belair à Luxembourg – école Aloyse Kayser. L'école est fréquentée par les enfants de demandeurs d'asile, des enfants pris en charge par différentes crèches ainsi que des enfants à besoins spécifiques qui viennent d'autres quartiers (l'école est une école d'intégration) – grand nombre de ces enfants présentent des déficits énormes et pourtant le quartier Belair à la réputation d'être un quartier privilégié et donc falsifie le calcul du contingent.
De plus les enfants qui, en 2010-2011, n'ont pas fréquenté une classe précoce, ne sont pas pris en considération lors du calcul du contingent pour 2011-2012 et pourtant ils seront scolarisés au cycle 1.1 en 2011-2012. De même tous les enfants ayant fréquentés une classe précoce, même s'il ne s'agit que de quelques plages, seront scolarisés l'année suivante. Pour fixer le contingent de l'année prochaine, on devrait prendre en considérations tous les enfants qui fréquenteront l'école publique la prochaine année et ceci à part entière.

4.6.:

Bien que l'AIP salue la grande liberté offerte aux équipes pédagogiques pour l'organisation de l'enseignement par cycle, il faut veiller à ce que notre « Spillschoul » ne dégénère pas en « Kinderhort » ou « Kindertagesstätte » !!!!

4.7.:

Augmenter toujours plus l'effectif de classe n'est pas profitable ni aux enfants, ni aux enseignants et rend difficile une bonne prise en charge des enfants, ainsi qu'une pédagogie de qualité.
Les leçons ainsi « sauvées » créent plutôt des mouvements exagérés au sein des classes ou de l'école.

6.1.:

L'AIP a pleinement confiance que les responsables du MEN arriveront enfin à respecter le point 5 (!) lors de la fixation de la liste des postes vacants.

8.1et 8.3. :

L'AIP est d'avis que le MEN devrait traiter de la même manière les cycles 2-4 et le cycle 1 pour ce qui est des mesures à soutenir les enfants de langue étrangère. En effet, l'enseignant qui intervient aux cycles 2-4 est pris hors contingent, tandis que l'assistant en langue maternelle n'aide que quelques heures par semaine au cycle 1. Dans certaines écoles aucune aide y relative est offerte.

Pour conclure, l'AIP tient à rappeler aux responsables du MEN que le problème du transport scolaire pour les enfants des classes précoces existe toujours. En effet, il faudrait insister dans la circulaire que les communes doivent garantir le transport scolaire des enfants des classes précoces afin de les faire bénéficier p.ex. d'une visite au musée, d'une excursion scolaire, du « Schoulsportdag »,…

Dans l'espoir que les réflexions et critiques, formulées dans notre avis, ne tombent pas dans l'oubli mais aideront à améliorer la qualité de notre école, nous vous prions d'agréer, Madame la Ministre, l'expression de notre très haute considération.

Pour le comité de l'AIP

ANNONCE

DE GRüFFELO

Geschichtenmotivation - Lesemotivation

Im ersten Zyklus beginnt die Lesemotivation eigentlich mit Geschichtenmotivation, das heißt Geschichtenerzählungen zuzuhören und diese verstehen. Nachher soll es dann zum Nacherzählen und Erfinden von Geschichten übergehen.

Fördernde Aktivitäten zum Geschichtenerfinden:

- **Bildergeschichte:** ein Bild malen und dazu eine Geschichte erfinden, vielleicht diese Geschichte noch weiter ausdenken.
- **Leporellogeschichte:** ein Kind nach dem anderen malt ein Bild auf ein Leporello (nach Harmonikaart gefaltetes Blatt). Das Kind sieht immer nur seine Seite und weiß nicht was die andern gemalt haben. Nachher sollen die Kinder alle Bilder gemeinsam anschauen und daraus eine Geschichte erfinden. Diese wird dann dazu geschrieben.
- **Phantasie-Landschaft:** aus leeren Kisten oder Schuhkartons wird eine kleine Landschaft aufgebaut, die mit einem großen Tuch oder mehreren Tüchern versteckt wird. In den Kisten verstecken sich kleine Figuren oder Sachen. Jedes Kind darf einen versteckten Gegenstand suchen, muss dann aber dazu etwas erzählen oder dazu eine Geschichte erfinden. Die Lehrerin kann eventuell helfen, dass so eine fortlaufende Geschichte entsteht. Dieselbe Geschichte kann dann die nächsten Tage anhand der Phantasielandschaft wiederholt werden.
- **Geschichtenfortsetzung erfinden:** Eine Geschichte wird kurz angeschnitten, die Kinder sollen die Fortsetzung selbst erfinden. Hier kann ein „Happyend“ vorgesehen werden, es kann aber auch ein trauriger Ausgang erfunden werden.
- **Geheimniskisten-Geschichte:** 4 Kisten welche ineinander verschachtelt sind und je ein Symbol enthalten, werden nacheinander ausgepackt, zu jedem Symbol (Herz, Schlüssel, Schere, Kette….) wird etwas erfunden. Die Geschichte des nächsten Symbols soll im Zusammenhang mit dem ersten stehen. So wird eine kleine Geschichte erfunden, diese kann dann die nächsten Tage auch auf diese Weise mit den Kisten wiederholt werden. Bei dem nächsten Einsatz sollen dann andere Symbole eingesetzt werden.
- **Bilder-Geschichte erfinden:** jedes Kind darf 2 Bilderkarten ziehen und sich dazu eine Geschichte einfallen lassen.
- **Logische Bildergeschichte:** logische Bildergeschichte erkennen und erzählen.
- **Geschichten anhand von Bilderwürfeln erzählen:** der Würfel ist mit 6 verschiedenen Bildern versehen. Wenn ein Kind ein Bild würfelt, erzählt es etwas dazu. Daraufhin darf das nächste Kind dann würfeln und etwas erzählen. Kommt dasselbe Bild wieder, darf nicht dasselbe erzählt werden, das Kind soll etwas anderes dazu erfinden. Bei den älteren Kindern soll man probieren eine fortlaufende Geschichte zu erfinden.
- **Geschichten anhand von Gegenständen, selbstgebastelten Plastilinfiguren oder selbstgemalten Bildern erfinden:**

1. Jedes Kind kann aus einer Kugel Knet-Bienenwachs oder Knete eine Figur herstellen. Wenn alle fertig sind und mitgeteilt haben was es darstellen soll, kann der/die Lehrerin eine Landschaft mit Tüchern aufbauen wo die verschiedenen Figuren ihren Platz drin finden und er/sie erzählt dann eine Geschichte an Hand von den Figuren.

2. Das erste Kind erzählt etwas zu seiner Figur oder zu seinem Bild, das zweite Kind fährt mit der Geschichte weiter indem es seine Figur oder sein Bild mit einbindet… Eventuell kann man die Figuren oder Bilder fotografieren und den Text zu den Fotos hinzu schreiben. So kann man dann ein Buch gestalten, das man immer wieder anschauen kann und in dem die Kinder dann immer wieder ihre

Werke bestaunen können.

- **Handpuppen-Geschichte:** Interessant und spannend ist es auch, wenn täglich zur gleichen Zeit z.B. nach dem Freispiel eine große Handpuppe eine fortlaufende Geschichte erzählt, diese kann täglich nur 5 Minuten dauern, geht aber erst am nächsten Tag mit einer kurzen Wiederholung, eventuell durch die Kinder, weiter.
- **Wecker-Geschichte:** Nach dem Aufräumen kann sich jedes Kind ein Buch aussuchen und sich an einem ruhigen Platz nieder lassen. Der Wecker wird auf 3-5 Minuten gestellt und die Kinder können in Ruhe lesen und auch wieder zur Ruhe kommen, bis der Wecker klingelt. Danach kann ein Kind den andern sein Buch vorstellen.
- **Variante:** nachdem die Kinder 1-2 Trimester lang sich die Bücher alleine angeschaut haben, können 2 Kinder sich zusammen eins aussuchen und sie können entweder es sich gegenseitig erzählen oder es sich zusammen anschauen.

Mini-Buch oder Buch gestalten:

Die Kinder gemeinsam oder die älteren Kinder auch einzeln erfinden ihre Geschichte. Sie malen mehrere Bilder um ihre Geschichte darzustellen. Die Lehrerin schreibt den Kommentar dazu und weist eventuell auf fehlende Bilder zum guten Verständnis hin. Diese Mini-Bücher oder auch richtige Bücher können dann gescannt und eventuell vervielfältigt werden. So können die Kinder ihr Buch mit nach Hause nehmen oder in der Schule öfters schauen.

Buchpräsentation durch ältere Kinder:

Die älteren Kinder der Klasse oder Kinder aus dem ersten oder zweiten Schuljahr bringen ihr Lieblingsbuch mit zur Schule und stellen dies den anderen Kindern vor. Dies könnten 1 bis 2 Bücher pro Vorstellung sein aber die Vorstellung sollte nicht länger sein als maximal 20 Minuten pro Buch. Anschließend könnte man diese Bücher noch weiter verarbeiten. Die Kinder könnten ihre Lieblingsszene oder die ganze Geschichte dazu malen, ihr Kommentar würde dann dazu geschrieben. Vielleicht eignet sich auch ein Buch zum theatralischen Nachspielen.

Lesenachmittag, Leseabend, Lesenacht oder Autorenliesung:

Je nach Zyklus kann man Vorlesungen organisieren, sei es durch Kinder, durch die Lehrer oder durch die Autoren selbst. Interessant ist es, wenn die Autoren erzählen, warum sie dieses Buch geschrieben haben oder wie sie sich dabei angelegt haben.

Hitliste der beliebtesten Kinderbücher nach Zyklen:

Die Kinder könnten mit Hilfe ihrer Eltern Sterne von 1-5 für jedes gelesene Buch verteilen. Die Hitliste kann sowohl die meist ausgeliehenen Bücher angeben als auch die Bücher nach der Sternen-Hitparade klassieren.

Eltern-, Großelternmitarbeit und Elternbibliothek :

Die Eltern sollen den Kindern ein Vorbild sein. Wenn die Eltern in Anwesenheit der Kinder Bücher schauen, fördert dies die Lesemotivation der Kinder. So wollen die Kinder so schnell wie möglich auch selbst die ersten kleinen Bücher lesen können.
Die Eltern sollen 3 Lieblingsbücher ihrer Kinder mitbringen und die den anderen Eltern in einer Elternversammlung vorstellen. Die Lehrerin stellt dann eine Liste mit allen Lieblingsbüchern zusammen, die daraufhin unter alle Eltern verteilt wird. So bekommen verschiedene Eltern eine Anregung über interessante Lektüre. Dabei gibt es oft elterlichen Austausch über die Lesemotivation der einzelnen Kinder.
Eine gute Idee wäre, wenn Eltern oder Großeltern ihr Lieblingsbuch aus ihrer Kindheit den Kindern in der Klasse vorstellen würden z.B. an einem Vorlesenachmittag. Hier könnten die Eltern oder Großeltern auch noch aus ihrer Kindheit berichten, was zu der Zeit anders war und dass Bücher oft noch eine Seltenheit waren.

Ein anderes Projekt wäre es mit älteren Leuten zusammen ein Geschichtenbuch zu gestalten. Die älteren Leute würden über ihre Kindheitserlebnisse berichten und die Kinder würden Bilder dazu malen. Das Ganze würde dann niedergeschrieben und mit den Bildern illustriert werden. So könnten die Kinder dann nachher in ihrem Werk blättern und die Bilder mit dem Geschriebenen kombinieren. Hier wäre es nicht schlecht mit einem Altersheim zusammen zu arbeiten oder mit den Kindern ins Altersheim zu den älteren Leuten zu gehen.
Interessant ist es auch, wenn es eine Elternbibliothek in der Schule gibt. Hier könnten die Eltern pädagogische oder erzieherische Bücher über die Altersstufe ihrer Kinder austauschen. Das Aufstellen einer Hitliste wäre ein Vorteil und könnte dann nachher von den Eltern angesehen werden.

Wettbewerb:

Dies betrifft aber eher Kinder aus den Zyklen 2-4 wenn sie den jüngeren Kindern aus dem 1. Zyklus ihre Bücher vorstellen. Hier könnte man einen Vorlesewettbewerb organisieren.
Man könnte aber auch die Kinder aus dem 1. Zyklus beim Vorstellen ihrer Lieblingsbücher nachträglich sowohl durch die Kinder als auch durch den Lehrer bewerten.
Pro Trimester kann man die Kinder loben, welche die meisten Bücher ausgeliehen haben.
Im 1. Zyklus ist eine Lesewurmabbildung interessant, welche für jedes Kind sichtbar im Saal aufgehängt wird. Hier kriecht ein Lesewurm durch einen ganzen Stapel Bücher, dieser Bücherstapel lässt sich je nach Bedarf nach unten verlängern. Jedes Mal, wenn das Kind dann ein Buch ausgeliehen hat, darf es ein Buch anmalen. Der Lehrer kann aber kontrollieren, ob das Kind das Buch tatsächlich angeschaut hat oder vorgelesen bekam.

Simone Thill-Buchmann

www.aip.lu
Hutt dir flott Ideeën oder Fichen zu de Kompetenzen oder Neies fir beim Portfolio anzesetzen, da loosst eis dat zoukommen. Mir veröffentlechen dat op eiser Homepage mat oder ouni Numm.

Zeechnung vum Edith Rollinger-Simon

E puer Iddien zum Thema „Buch“

Dag vun de Virliesungen: Elteren a lëtzebuerger Schrëftsteller liesen aus engem (hirem) Kannerbuch vir.

Widderhuelung vun de Geschichten als Rollespiller.

D’Kanner bréngen hiert Lieblingsbuch mat, erzielen et an der Klass (Fiche fir an de Portfolio).

Lidd mat Beweegung: Mir kucken a mir liese gär e Buch.

Mir molen e Bicherwuerm mat Waasserfaarwen.

Mir bastelen e Lieszeechen an e Bicherwuerm aus Filzstécker a Pärelen.

Seriatioun: E Bicherwuerm mat 3 verschidde Faarwen.

Regelen: Wéi passen ech gutt op d’Bicher op.

Verschidden Zorte vu Bicher vergläichen :
Kannerbuch, Sachbuch, Billerbuch, Molbuch, Kachbuch, Reesguide, Telefonsbuch…
Bicher vu fréier verglach mat de Bicher vun haut (Schrëft, Liederdeckelen, Zeechnungen….).

Sprooch: Beschreiwung vum Poster: Xaveria Rotpelz, die Bücherkatze.

Mir erfannen eng Geschicht; molen an erzielen.

Mir maachen ee „Freundebuch“ vun der ganzer Klass.
Mir maachen ee Kachbuch (evt. fir Mammendag).

Zykel 1 Mompach

Ëmfro iwwer den Appui

D'AIP stellt, zesumme mam Educatiounsministère, e „Receuil de bonnes pratiques" fir d' Organisatioun an d'Ëmsetzung vum Appui am 1. Cycle zesummen.

Mir brauchen Är Hellef !

Schéckt eis w.e.g. bis den **1. Juli 2011** méiglech Iddien, wéi Dir Ären Appui während dësen zwee leschte Joer fir Är Kanner ugebueden hutt.
Dat ka sinn matt engem klengen Text, e puer flott Fotoen, Biller, Illustratiounen, Kannerproduktiounen… Wichteg ass et fir d'Panoplie vu méiglechen Aktivitéiten am Kader vum Appui ze weisen.

Wat kann/soll dra kommen:

Wéi eng Domainer ginn ugesprach? *(Wichteg ass et hei ze weisen, dass bei all Aktivitéit méi Beräicher ugeschwat ginn)*

_____

Wat sinn d'Objektiver/Zieler vun der Aktivitéit?

_____

Wéi eng Kompetenzen gi bei wéi enge Kanner entwéckelt? *(Wichteg ass et, ze weisen, dass ënnerhalb vun enger Aktivitéit individuell gefërdert ka ginn)*

_____

Wéi ass de Grupp zesummegesat? Firwat? *(Fir d'Kanner alleguer, Zesummesetzung vun de Gruppen no Besoin'en, Interessien etc.?)*

_____

Wéi grouss ass de Grupp? Firwat? Konnt Dir den Appui och fir all Kanner ubidden?

_____

Wéini? *(moies, Mëttesstonn, no der Schoul, fräie Nomëtteg etc…)*

_____

Wat huet gutt funktionéiert? Wou gouf et Contrainten ?

_____

An Zesummenaarbecht mam Educatiounsministère kritt Dir iwwert Äre Président vum Comité d'école en offizielle Courrier gemailt. Et wier fir eis wichteg fir vill Réckmeldungen ze kréien, well nëmmen esou kënne mir an Ärem Sënn, fir Iech um Ministère intervenéieren.
Mir sammelen Aer flott Iddien a presentéieren Är wäertvoll Aarbecht dem Ministère.

Schéckt, oder besser nach mailt Är « gesammelte Werke » un d'Sekretärin. Dir kennt Är Donneeën mat oder ouni Numm, mat oder ouni Angab vun der Schoul eraschécken.

De Comité vun der AIP

Äntwert-Adress:
AIP/Simone THILL-BUCHMANN
36, Op der Schanz
L-6225 ALTRIER
Tél/Fax: 790 374
E-mail: thill.simone@education.lu

www.aip.lu
aip
Association des institutrices et instituteurs préscolaires

Luxembourg, 30.5.2011

Madame Mady Delvaux-Stehres
Ministre de l'Education nationale
et de la Formation professionnelle
29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg

Concerne : <u>Encadrement périscolaire - Avis de l'AIP</u>

Madame la Ministre,

Par la présente nous avons l'honneur de vous faire parvenir notre avis concernant l'avant-projet de règlement grand-ducal relatif à l'encadrement périscolaire … .

Article 2 :

« …Le PPL vise une offre éducative de qualité accessible aux enfants fréquentant l'enseignement fondamental et vise à donner une réponse de qualité aux questions d'organisation du temps et de la vie familiale…. »
« ….L'école et l'organisme socio-éducatif collaborent lors de l'élaboration et lors de la mise en œuvre du PPL, tout en tenant compte de leurs spécificités éducatives respectives. …..»

Vous n'êtes pas sans savoir que l'AIP est d'avis qu'il ne faut en aucun cas mélanger la mission pédagogique des enseignants et la mission éducative des éducateurs !
L'AIP propose donc d'ajouter à l'alinéa 2 :
« ……., tout en tenant compte de leur spécificité **pédagogique ou** éducative respective . »

Article 3 :

Madame la Ministre vous écrivez au point 5 :

«l'aide aux devoirs à domicile consistant à soutenir un enfant qui ne réussit pas à faire ses devoirs. Cette aide aux devoirs à domicile relève du domaine de l'école. »

« … . Cette aide aux devoirs à domicile relève du domaine de l'école. »

Pour l'AIP il est incontestable que toute aide aux devoirs à domicile doit être organisée et gérée par les enseignants ! Des ressources supplémentaires en enseignants dûment qualifiés doivent être prévues ?

Au point 6 vous parlez de :

« … *des dispositions quant à l'ouverture des structures en cas d'intempéries.»*

Ne vaudrait-il pas mieux écrire : « … en cas de force majeure. » p.a. au vocabulaire utilisé dans la circulaire ministérielle aux administrations communales ?

Article 5 :

Madame la Ministre, l'AIP est d'avis qu'en tant que Ministre de l'Education nationale vous devriez plutôt être préoccupée de veiller à ce que les 4 cycles de l'école fondamentale soient regroupés sur un site pour former une entité, avant d'y intégrer les structures d'accueil. En effet très souvent les classes du cycle 1 se retrouvent associées avec les infrastructures destinées à l'accueil et les 3 autres cycles sont sur un autre site.

Et qu'en est-il de l'organisation et du fonctionnement des PRS ?

L'AIP ne peut croire que pour vous l'encadrement périscolaire soit d'une plus grande importance que le fonctionnement harmonieux des 4 cycles avec tout ce qui s'y rattache : équipes pédagogiques, interactions entre cycles, coordinations diverses, utilisation de la bibliothèque scolaire!!!

Article 6 :

L'AIP se demande si, à l'avenir, les enseignants seront encore motivés à assumer le rôle de président du comité d'école ?

En effet, par la création de la plateforme de coopération, les présidents (déjà plus que débordés/ dégoutés par l'énorme charge administrative ou autres leur incombant) des comités d'école se voient octroyés – ou à leur délégué – une nouvelle charge au sein de cette plateforme !

Les parents d'élèves ne devraient-ils pas avoir droit à un délégué au sein de cette plateforme ?

Article 7 :

Madame la Ministre, l'AIP vous prie de veiller à ce que les salles de classe ne soient pas utilisées comme cantine durant les heures de midi !!! (cf. point 4 de l'article 7 et cf. points 1 et 2 de l'article 4) .

Dans l'espoir que les remarques et critiques, formulées dans notre avis, trouvent un accueil favorable de votre part, nous vous prions d'agréer, Madame la Ministre, l'expression de notre très haute considération.

pour le comité de l'AIP

la secrétaire	la présidente
Simone Thill-Buchmann	Yola Hild

Cotisation annuelle assurance comprise

Le montant de la cotisation s'élève à 18 Euro pour les membres, qui sont encore actifs dans la profession, respectivement 12 Euro pour les retraité(e)s et les membres d'honneur

☐ Demande d'adhésion ou ☐ Changement d'adresse ou ☐ Retraité(e)

Nom et prénom: _____

Brevet : _____

Année de promotion: _____

Lieu de travail: _____

Fonction actuelle: _____

email: _____

Adresse: _____

_____

Domiciliation

Je désire qu'à partir de I'année 20…… et jusqu'à révocation de cet ordre, le montant des cotisations annuelles de I'AIP soit porté au débit de mon compte.

Nom et prénom: _____

Adresse: _____

_____

No. de compte: IBAN LU _____

Auprès du CCP:

Luxembourg, le _____

Signature: _____

J'autorise l'AIP à adapter le montant à encaisser selon ses statuts.
J'autorise l'AIP à enregistrer sur support informatique, dans sa banque de données personnelles, mon appartenance syndicale en vue de permettre le paiement automatique des cotisations syndicales (Loi du 02.08.2002 portant sur la protection des personnes à l'égard du traitement de données à caractère personnel).

Si vous n'optez pas pour la domiciliation, veuillez organiser le paiement sur le compte IBAN LU84 1111 0405 4192 000 avec la mention "Cotisation AIP"

À renvoyer à notre trésorière :

AIP c/o Madame Carole CIATTI
34, Cité Breitfeld
L-4519 DIFFERDANGE
Pour tout renseignement, contact par téléphone 661 581 102 ou email citi@pt.lu

Tourist Center Robbesscheier Annonce

Entrevue AIP Ministère MEN : 5.Mee 2011

Präsenz vun der AIP: Yola Hild, Simone Thill-Buchmann, Joëlle Theobald, Anne Stahl.
Präsenz vum Ministère: Guy Strauss, Jean Schram, Véronique Krier.

Invitatioun op d'Generalversammlung vum 10.Mee um 17 Auer um Rouscht, wie kënnt do vum Ministère?
Leider huet d'Madame Minister eng Woch virdrun ofgesot, mee duerfir sollen hir Mataarbechter awer kommen.
Froen zu eiser Tâche ? Gleichstellung mam Primaire.
Dat ass net esou einfach, well do e ganzt neit Gesetz muss geschaff ginn an et net esou am Regierungsofkommen virgesinn ass..
Wéi ass et mat diem Katalog zum Appui? Wéini gett dien ausgeschafft?
Mir sollen eis mat der Mme Flore Schank treffen vir doriwwer ze diskutéieren an „Exemples de bonne pratiques" ze sammelen.
Nëmmen 2 Bilan'en fir de ganze Cycle 1. D'AIP ass fir 2 Bilan'en an nëmmen 2 Elteregespréicher, just bei Bedarf kënnen et der méi ginn. Ausserdiem därf net un eise freien Deeg gekierzt ginn wann d'Vakanze solle geréckelt ginn.
Wann et sollten 2 Bilan'e ginn, muss awer nach en zousätzlecht Gespréich mat den Elteren derbäi kommen, well dat an de Regierungsverhandlungen esou fest gehale ginn ass.
Eigentlech sollt am Enseignement fondamentale d'Vakanz net gekierzt ginn, dest war eigentlech geduecht fir de Secondaire, fir dass d'Versammlungen net ëmmer mussen an d'Schoulzäit falen. Do ginn zevill Schoulstonne verluer fir d'Conseil de classes..
Zu de « Bilan de fin de cycle » wollt d'AIP nach soen, dat et bei der Scolaria nëmmen 3 Méiglechkeete fir de Cycle 1 gett: atteint, non atteint, PPCI. Ass dien Ennerscheed net e besche krass? Sollt bei eis net och derbäi kommen „atteint sous reserve", well mat liichte Sproochproblemer bei eisen auslännesche Kanner, sollten se awer kënnen an dien nächste Cycle virugoen.
Dest misst sech maache loossen, dest ass nëmmen eng Saach vu Programmatioun, well an dienen anere Cyclen ass dat jo och méiglech.
Froen zum Contingent:
Mam Kontingent get guer net méi nom Besoin vun eenzelne Kanner gekuckt. Kanner mat « Besoins spécifiques" missten beim Contingent als duebel kënne gezielt ginn, leider kommen des Kanner elo emmer méi schlecht eweg.
De Contingent soll eng gerecht Verdeelung vun de Ressourcen iwwert d'ganzt Land garantéieren, duerfir gett de Factor social mat abezun.
Beispill Märel: Do get et en Home mat Asylanten an aner schwéier erzéibar Kanner ginn extra mam Bus dohinner bruecht, dest verfälscht do de Factor social.
Dat ass net esou, well d'ganz Stadt Lëtzebuerg ënnert engem globale Factor social aclasséiert ass. D'Stadt huet vill méi zousätzlech Ressouce kritt, wéi si virdrun hat.
An enger klenger Landgemeng falen bei 9,5 Kanner manner wéi dat lescht Joer, 16 Schoulstonne weg. Ass dat net krass?
Mir wessen, datt et net einfach ass fir déi kleng Gemenge fir hir Schoulorganisatioun op ze stellen, do mecht de Contingent heiandsdo vill Ennerscheeder. Mir versichen dat och anescht ze handhaben, dat muss nach ausgeschafft ginn. Mee des Gemengen kënnen e Bréif mat der néideger Begrennung era schécken an da kann et sinn, datt déi zousätzlech Stonnen akkordéiert kréien.
Wéi ass et mat de « Classes d'intégration », wéi ginn déi beim Contingent berechent?
Eigentlech soll et keng « Classes d'intégration » méi ginn, mee je no Fall a Begrëndung kann erëm sou eng geschafe ginn. Des Class fällt net an de Contingent, well hei en Enseignant aus der Equipe Multiprofessionelle täteg ass. An der Equipe Multiprofessionelle ginn all Joer 20% méi Ressourcen bereet gestalt fir d'Schoulen ze ennerstëtzen.
Missten net all d'Kanner aus dem Précoce als 1 Persoun beim Contingent gezielt ginn?
Mir gesinn dat net esou, well mir wellen dat am ganze Land all Gemeng de Kanner méi wéi 4 Plagen ubidd, a wann dat de Fall ass, kënnen sie jo hier Kanner all als ganz Persoun zielen.
Ass et net méiglech nach eng Formatioun unzebidden fir den Diplom aus dem Cycle 1 nozemaachen, fir déi Enseignant'en déi nëmmen am Cycle 2-4 Schoul halen därfen? Oder emgedréint wann een am Cycle 1 schafft, fir den Diplom nozemaachen fir am Cycle 2-4 däerfe Schoul ze halen?
Leider ass dat net méi méiglech, well d'UNI Lëtzebuerg ass net bereet esou Coursen ofzehalen. D'Enseignant-'en oder d'Chargeeën kënnen awer während 2 bis 3 Woche fräigestallt ginn fir de Stage ze maachen an däerfen dann do Schoul halen als Suppléant. De Verdengscht bleiwet d'selwecht, mee et muss een sech erëm um Enn

vum Joer nei mellen.
Wann en Enseignant mat 2 Diplomer vum Cycle 1 an de Cycle 2-4 erriwwer wiesselt oder emgedréint, sollen des Enseignant'en dem Ministère dest matdeelen, sou kënne mer besser fir d'Zukunft plangen an et ka jo och sinn, datt dem Enseignant seng Tâche erop oder erof geet (Cycle 1, 2 Stonnen méi oder Cycle 2-4, 2 Stonne manner).
Och zwee diploméiert Enseignant'en därfen sech zu zwee eng Klass deelen. Dien éischten Enseignant gett dann den Titulaire an ass fest mat enger halwer Tâche ugestallt, dien 2. Enseignant gett Suppléant a muss sech um Enn vum Joer erëm nei mellen.
E Grond méi mengt d'AIP fir onbedengt eng Gläichstellung vun der Tâche.
Leider fanne mer net vill vun eisen Avis'en an dem Circulaire oder an dem Questionnaire erëm……ausser den Transport fir de Précoce…..
Dat däerf een net esou gesinn, bei eis kommen vu ville Gremien Avis'en eran, déi dann och nach oft sech widderspriechen. Mir versichen awer alles mat ze konsidéréieren.
Fir ee gudden Austausch tëscht dem MEN an de Gewerkschaften ze garantéieren, wollte mir eis an Zukunft dräimol am Joer erëm gesinn.

Wee si mir?

Spontan add ass 2003 gegrënnt ginn, vu Betraffene fir Betraffener.
Erwuesse Betraffener, déi sech an hire Kanner erkannt haten, wollten eng Struktur schafen fir en Austausch kënnen ze hunn.
Am Ufank woren d'Treffe fir Betraffener eemol am Mount.
Ab 2007 woren et schonn 3 Treffen, op 3 verschidde Plazen am Land.
Elo betreie mir ganz Familljen, am Duerchschnëtt 80 Familljen pro Joer .
Eis ass den Austausch mat den Dokteren, am In- an Ausland wichteg.
Mir probéieren am stännege Kontakt , Austausch mat allen Institutiounen déi sech mam Thema beschäftegen, ze sinn.
Mir huelen u Formatiounen deel.
Mir ginn iwwert de Script forméiert.
Mir schaffen aktiv un der Ratifizéierung vun der UNO Konventioun fir Rechter vun de Behënnerte mat.
Mir sinn effektive Member am „Conseil Supérieur des Personnes Handicapées".
Eise Comité besteet aus 12 Memberen, all Fräiwëlleger.
Eise Funktionement gëtt iwwert Memberskaarten, Bäiträg fir Formatiounen, Subside vu Gemengen aus dem ganze Land, finanziell Ënnerstëtzungen vun de zoustännege Ministären, garantéiert.

Mir sinn dankbar fir all weider finanziell Ënnerstëtzung, z.B. Doen, déi mir kréien.
Dës ginn ëmmer a Projeten wéi, Jugendgruppen, Erwuessenen-Austausch, reinvestéiert.

Wat bidde mir un?



Psychoedukatioun / ADS erklären
Informatioune weiderleeden
Erfahrungen austauschen
Gruppe-Gespréicher/ Jugend / Elteren / Betraffener
Coaching / Formatioun fir Jugendlecher an Erwuessener
op Lëtzebuergesch / Däitsch an ab September 2011 och op Franséisch
10 mol 2 Stonnen
„Ech ka selwer léieren besser domadder eens ze ginn"
eenzel Gespréicher
Hausbesucher ,falls néideg
Infotelefon 7 Deeg op 7 um Tél: 26 25 95 95
Formation continue fir de Comité
Info Owender
WebSite: www.adhs.lu

SPONTAN ADD a.s.b.l.
siège social L- 7224 Walferdange
Boîte postale 74 – L-6103 Junglinster - Info-tél.: 26 25 95 95 – email : help@adhs.lu
CCPL: LU50 1111 2157 4012 0000
Fondé en 2003 – 10 ans Spontan ADD en 2013

Generalversammlung vun der AIP

6. Mee 2011 um Rouscht
am Vitarium vun der LUXLAIT
a Präsenz vun dem Inspekter Guy Strauss an dem Flore Schank

Begréissung duerch eis Presidentin Yola Hild:

Vum MEN hat d'Madame Mady Delvaux-Stehres sech kuerzfristeg ofgemellt.

Joresréckbléck duerch eis Sekretärin Simone Thill-Buchmann:

Zu der Circulaire pédagogique un d'Gemengen :

D'AIP wëllt onbedengt dass eng **Trennung tëschent der Schoul an de Structures d'accueil** bleift. Mir hunn eng Missioun pédagogique an si hunn eng Missioun éducative .
D'Kanner sollen net de ganzen Dag an deene selwechte Raimlechkeete verbrénge mussen et soll op kengem Fall an de Klassesäll giess ginn.

Well d'**Sécherheet an de Schoulen** ëmmer méi ofgeséchert soll sinn, versti mir net dass den Enseignant, dee Sécherheetsdelegéierten ass, dofir nëmmen eng ½ Stonn Décharge soll kréien. D'AIP huet duefir bis 10 Säll eng ½ Stonn, tëschent 10 an 20 Säll eng Stonn a méi wéi 20 Säll 2,5 Stonne gefuerdert. Mee leider huet de MEN dësen Avis guer net gekuckt.

D'AIP ass och der Meenung, **dass d'Kannerzuel/Klass net därf ëmmer weider erop goen**. Och Problemkanner miissten am Contingent mat a Betruecht gezu ginn.

D'AIP war och dofir dass all Kanner aus dem Précoce als ganz Persoun beim Contingent gezielt ginn, mee de Ministère ass do anerer Meenung ! Si wëllen dass all d'Gemenge **mindestens 4 Plagen a méi** pro Kand ubidden, sou kënnten des Kanner och beim Contingent als „ganz" matgezielt ginn.

Well et a verschiddene Gemengen nach Problemer gëtt beim **Transport vun de Précoce-Kanner**, sief et „occasionnellement" oder als regulären Schoultransport, hu mir säit Joere gefuerdert, dass dëst an d'Circulaire sollt stoe kommen. D'lescht Joer stoung et als „*occasionellemen*" dran an dëst Joer proposéiert de MEN souguer dass d'Gemengen

de reguläre Schoultransport sollen erméiglechen. Endlech huet d'AIP erreecht dat dëst och méiglech gemaach gëtt .

Zum Questionnaire vun den Elteren:

De Questionnaire gëtt de Bilanen vill zevill eng grouss Wichtegkeet. Mir hunn och virun der Reform Elteregespréicher gehal an des am viraus preparéiert. Och ier d'Bilanen agefouert gi sinn, hu mir am Cycle 1 mat ganz vill Asaz geschafft a mir ware bereet fir all Neierungen auszeprobéieren .

D'AIP huet gemengt et wier net gutt, dass esou vill Bewäertungskategorien ugebuede ginn. Ass dat net irreführend fir d'Elteren, soll ee sech do net op 3, resp.4, beschränken, wat vill méi verständlech wier?

Mussen d'Elteren d'Fro gestallt kréien ob si den LBK1 kennen? Mir wollten des Fro net an dem Questionnaire gesinn, well den LBK1 ass jo fakultativ.

Och mir waren net frou, dass dëse Questionnaire codéiert war, wa jo alles soll neutral bleiwen, da sollen och keng Coden drop sinn. D'Begrënnung dass d'Auswäertung doduerch sollt méi einfach sinn, gëllt net, well wann d'Blieder vermëscht ginn, misst d'Resultat vun den Äntwerten jo awer dat selwecht bleiwen. A wéi kann et sinn, dass herno net genuch Questionnairen disponibel waren an déi lescht Schoulen Kopie vum virege Joer kruten. Déi kënne jo dann och net ausgewäert ginn - oder war dat nëmmen dass d'Elteren net sollte reklaméiere, well si kee Questionnaire kritt hätten?

Zum Appui:

Elo, no laangem Froen, däerfe mer eis aus dem Cycle 1 mat Vertrieder vum Ministère treffe fir en **APPUI-KATALOG** opzestellen. Hei sollen „exemples de bonne pratique" dra kommen, wat alles als Appui ka gëllen. D'AIP ass frou dass dëst elo endlech méiglech ass, a mir wäerte vun äre gudden Iddien aus onsem AIP-Questionnaire profitéieren! Hoffentlech wäert dëse Katalog dann och am ganze Land d'selwecht ugewannt ginn.

Ausschaffe vun engem Portfolio:

Fir den Hierscht publizéiere mer den 1. Deel vun engem Portfolio, dat anert Joer ass dann den 2.Deel un der Rei. Dëst soll eng Hëllef si fir den Enseignant fir déi eenzel Kompetenzen ze dokumentéieren, et soll awer net den Androck hannerloossen, dass een dëst alles misst duerchhuelen, et kann ee säi Choix dobäi maachen. Eise Portfolio soll eng Hëllef sinn an iech an ons nei Ideeë ginn, et ass awer keng Mussesaach. Vläicht ass et och nëmmen eng Inspiratioun fir d'Kolleginnen oder eng Aarbechtsënnerstëtzung.

Homepage:

Och dëst Joer soll eis Homepage erëm à jour gesat ginn. Et wier flott, wann dir eis géift Ideeën an Dokumenter eraschécken, fir déi op eiser Homepage ze publizéieren. Hei wir et och interessant wann dir nei Ideeën zum Portfolio géift publizéieren. Dir därft dëst maachen ,mat oder ouni ären Numm dobäi ze setzen.

Usprooch duerch eis Presidentin Yola Hild:

Rythmes scolaires

Wa mir als AIP een Avis zu engem Avant-projet, sief et « de loi » oder « de règlement grand-ducal» gefrot ginn, dann ass normalerweis och een Délai uginn wou onsen Avis soll um MEN sinn. Dat war an dësem Fall net esou, esou, dass mir ons e bësschen Zäit gelooss haten. Just, wéi mir wollte reagéieren, do war e scho vum Dësch, d.h. net méi um « ordre du jour » vum MEN.
Mir wéilten iech awer kuerz d'Meenung soen déi mir vertratt « hätten ».

Als Iddi hu mir de Projet net iwwel fonnt :

- Mir hate spekuléiert, well jo eng Schoul mat Trimesteren 3 Bilane bedeit, géif also ee Schouljoer mat Semesteren **2 Bilanen** heeschen, also manner Schreifaarbecht fir ons, also méi Zäit fir d'Kanner an d'Schoul. Mee et wier bei 3 bliwwen: 2 Bilanen schrëftlech an ee mëndlech!!!
- Mir haten ons och erhofft, dass dat den Ophänker kéint sinn fir ons Tâche op déi vun deenen aner Cyclen **no ënnen** unzepassen. Leider krute mir dunn verschiddentlech „lästeg" Kommentaren vu MEN- Mataarbechter ze héieren, déi gemengt hunn, et wier méi einfach d'Tâche vun onsen Cycle 2-4-Kollegen eropzesetzen. Ech muss soen dass mir heiandsdo erféieren iwwert esou Aussoen, zemol wou se vu „Beruffskollegen" gemaach ginn. Awer soubal déi um MEN sëtzen, hunn si ebemol eng aner Kap un !!! Déi geroden däermoossen an een „Tatendrang" - wéi interessant wier et wann si selwer nes misste Schoul hale mat hieren eegenen Reformen. Wat hënnert si drun ? Èieren den „attaché-grade" ???
- De Projet hat och virgesinn dass d'Schouljoer géif, fir ons, den 1. September ufänken, mat deem schéine Saz : Des „réunions de service", „réunions de concertation", „formations continues" et „réunions avec parents" **peuvent être prévues** !!! Wat dat heescht wësse mir jo all ze gutt !
  Fir d'Kanner hätt d'Schoul fréistens den 10. September a spéidstens den 16.September ugefaang. Fir d'Fuesend wier eng Vakanzwoch bäikomm.
  Opgehal hätt d'Schouljoer, fir ons all, fréistens den 12. Juli an spéidstens de 15. Juli.

Léif Kolleginnen, dir mierkt dass dëse Projet „vun Trimesteren op Semesteren" muench Ännerunge
fir ons bedeit hätt, just keng positiv.

Wat ons awer definitiv iwwerzeegt hat fir géint Semesteren ze sinn, dat ass de Fait dass d' Schouljoer 2103-2104 net den 12. Juli, mee den 11. Juli opgehal hätt. Ass dat net eng ze schrecklech Noriicht ???

Plan périscolaire local

Bei dësem Avant-projet de règl. gr.-d. geet et ëm d'Ëmsetzen vum Artikel 16 vum nei Schoulgesetz vum 6. Februar 2009 . De PPL ass geduecht fir dass d'Schoulen vill méi engk mat de Maisons Relais/Foyers scolaires/… sollen zesummeschaffen, d. h. et gëtt Momenter am Dag wou d'Educateuren den Enseignanten hëllefen oder awer den Enseignant hëlleft an der Maison Relais/Foyer scolaire, an dat ausserhalb dem Schoulhoraire, oder wat nach wäert sinn, sinn, verschidde Gemengen wäerten, dank dësem Règl. Gr.-d., d'„journée continue" aféieren, d.h. d'Ganzdagsschoul, wou den Horaire wiesselt tëscht Schoulstonnen a Versuergstonnen (Art. 17) .

Och bei dësem Avant-projet vum Règl. Gr.-d. vum PPL si mir der Meenung, dass et net däerf zu enger Vermëschung kommen tëscht der Missioun vun der Schoul an där vun den Opfankstrukturen. Et ass net gutt fir :
- **d'Elteren**, déi schonn elo bal keen Ennerscheed méi maachen tëscht dem „sérieux" vun der Schoul an der „Hëllef" wat e Foyer scolaire fir si bedeit
- **d'Kanner,** deenen hir ganz Woch stänneg „verplangt" ass , déi keng méi Zäit hunn „Kand ze sinn" .

Wéi ass mat der Suerg nom « bien-être » vum Kand ??? Nach laang net all Kand verdréit et dee ganzen Dag mat villen aneren zesummen ze sinn, an dat all Dag, all Woch, …, an dat während ville Joeren. Sécher huet dat fir vill Kanner eng negativ Auswierkung op säi Gemitt, säi Behuelen, seng Schoul !
- **d'Enseignanten** , déi op ville Plaze wäerte permanent mussen an der Schoul sinn

Och bei dësem PPL- Avant-projet gëtt een dem Gefill net lass, dass ons iwwerfläisseg MEN-Mataarbechter, och hei, mat enger Erhéigung vun onser Tâche "liebäugeln" . Wéi soss kann esou ee PPL realiséiert ginn ?
Esou vill Froen bleiwe bis elo ouni Äntwert !

- Wéi gëtt dat Ganzt finanzéiert ?
- Wien mécht et - et feelt iwwerall un diploméierten Enseignanten ?
- Muss net ee PPL eng Auswierkung hunn op de « Contingent » vun der Schoul ?
- Wéi eng Infrastrukture gi gebraucht oder benotzt ?

- Mir kënnen ons nëmme virstellen dass dat méiglech ass an engem Turnsall, enger Kichen, engem Musekssall - mee op kee Fall an „onse“ Klassesäll.
- Schonn elo erzielen ons Kolleginnen dass hier Klassesäll an der Mëttesstonn als Cantine ëmfunktionéiert ginn - dat dierf et dach net ze ginn !!! Soss trëppele mir emol op de MEN a quartéieren ons, an der Mëttesstonn, an déi vill eidel Büroen an fir ze schmausen!!!

Anscheinend ass et de Wonsch vun der Madame Minister fir de Cycle 1 ëmmer méi un d'Maisons relais/Foyers scolaires/… ze koppelen , ewech vun deenen aneren Cyclen.
D.h. de MEN boykottéiert säin eegent Schoulgesetz (cf. Team teaching, Concertatioun, Equipe pédagogique, …, a virun allem de PRS !) a mécht nach alles nach vill méi komplizéiert !

Vun de Memberen gestalte Froe op onser Generalversammlung:

Vum MEN hat d'Madame Mady Delvaux-Stehres sech kuerzfristeg ofgemellt. De MEN war vertrueden duerch den Här Guy Strauss an d'Madame Flore Schank.

Zum Contingent: firwat kënnen déi Kanner net matgezielt ginn, déi net an de Précoce koumen, mir hunn déi awer den Hierscht do sëtzen. Iwwerhaapt firwat ginn d'Kanner am Précoce net all als „ganz“ matgezielt, well am Hierscht hu mer déi och all als „ganz“ ze betreien.?
Mir hunn och festgestallt dat dat net mat a betruecht gezu ginn ass. Dëst muss bei der Reform korrigéiert ginn, mir mussen do en anere Modell fannen. Wann de Klasseneffektif iwwer 20 Kanner kënnt, soll ee sech un de Ministère wenden fir en zousäzlechen Enseignant accordéiert ze kréien. Dofir géif ech awer de September ofwarden, wann een déi tatsächlech Kannerzuel kennt.

Kéint ee soss net eng Educatrice zousäzlech kréien? Gëtt et déi offiziell Zuel vun 25-26 Kanner pro Klass nach?
Eng Educatrice ass an dem Cycle 1 net virgesinn. Et gëtt keng offiziell Kannerzuel, et soll eigentlech net iwwer 16 Kanner goen. De Contingent ass op eng Klassemoyenne vu 16 Kanner ausgerechent. Wann et elo wäit driwwer geet, da soll een sech un den Inspekter wenden, fir bei ons eng zousäzlech Kapazitéit unzefroen an dann ze kréien.

Wéi ass et mat Kanner, déi eng Behënnerung hunn? Dëst misst ee vill méi staark mat a Betruecht huelen.
Leider kann een do net vill maachen, well dëst vum Contingent ofgedeckt gëtt. De Contingent ass gerechent op eng Moyenne vu 16 Kanner pro Klass - fir d'Kanner mat Behënnerung gëtt dann d'Equipe multiprofessionelle agesat.

De Cycle 1 gëtt oft net direkt mat a Betruecht gezunn, oft huelen de Cycle 2,3,4 sech hir Stonnen a wat bleift kritt de Cycle 1. Dëst ass net gerecht. De Cycle 1 gëtt nach vill zevill oft betruecht als géif en net zur Ecole fondamentale gehéieren .
De Moment ass den Encadrement, am ganze Land, an der Moyenne bei 13 Kanner pro Klass. Wann déi eng der méi hu

16, dann hunn anerer der manner. Mir maachen Efforten vum MEN : d'Equipes multiprofessionelles ginn opgestockt. Dës Equipen sollen an esou Fäll asprangen.

Wann d'Leit am ganze Land onzefridde sinn, wann an de Schoulen doduerch eng mies Stëmmung opkënnt/entsteet, misst dann awer do net onbedéngt eppes ënnerholl ginn? Well onzefriddent Personal - ass onmotivéiert Personal. E schlecht Aarbechtsklima ass eng schlecht Viraussetzung fir eng ideal (optimal ??) Qualitéitsschoul. Kann et net e Contingent pro Cycle ginn. All Joer ass do e Personalgewiessels?
De «Contingent de base » bezuelen d'Gemenge mat : 1/3 d'Gemeng an 2/3 de Stat. De Contingent ass ee Contingent de base, dien dann nach duerch verschidde Faktore kann erhéicht ginn. Och sinn eng Rei Enseignanten déchargéiert, 1-2 pro Secteur. Wann een de Contingent de base héicht, da mussen d'Gemengen dat méi bezuelen. Dat spezialiséiert Personal gëtt awer vum Stat bezuelt. Wann de Contingent de base erop gesat gëtt, da streiken d'Gemengen well da musse si méi bezuelen.

Mir hunn net nëmme behënnert Kanner, mee och, méi a méi, „schwéier erzéibar" Kanner. Ëmmer méi Kanner kréie vun doheem net méi déi richteg Erzéiung mat op de Wee, et muss een emmer méi an der Schoul vun hirer Erzéiung iwwer-huelen. Wann d'Kannerzuel esou erop geet ass dat bal net méi méiglech.
Et sollen am ganze Land speziell Zentere geschafe ginn an déi extra schwéier erzéibar Kanner sollen dohinner iwwerwise ginn. Et gëtt der am Moment schonn zirca 10 am ganze Land. Wann an d'Zukunft d'Gesellschaft eng Evolutioun an déi Richtung mécht, da muss d'Regierung dat iwwerdenken.

Firwat muss den Appui dokumentéiert ginn ? Firwat kann den Appui net no „besoin" ugepasst ginn?
Den Appui soll festgehal ginn, awer just ganz minimal. Et soll kee Projet doraus gemaach ginn, et soll just eng Trace hannerlooss ginn. Den Appui soll breet gefächert sinn, an all Méiglechkeeten sollen op bleiwen. Dir musst keng grouss Rapporte schreiwen.
Net iwwerall am Land gëtt dat awer d'selwecht ugewandt. Mir an eisem Cycle hunn schon ëmmer méi op d'Kand zen-tréiert geschafft.

Mat de Kompetenzen hält een net méi Schoul wéi virdrun. Et panikéiert een wann, am Mee oder Juni, verschidde Kanner d'Kompetenzen nach net all beherrschen. Soll een e schwaacht Kand dann dubléiere loossen? Dëst Kand ass vläicht ëm-mer hannendran? Dëst Kand ass awer vläicht e wäertvollt Kand, wat manuell net schlecht ass, a spéider an engem ma-nuelle Beruff gutt Aarbecht mécht.
Dës Décisioun soll vun der ganzer Equipe pédagogoique geholl ginn, an dann an de Bilane vermierkt ginn. Dat wat d'E-quipe pédagogoique fir am beschten ëmfënnt, soll applizéiert ginn.

E Kand, wou d'Elteren e „Raccourcissement de Cycle" wëllen hunn, ass do och e Recours méiglech?
D'Eltere kënnen e Recours beim Inspekter huelen, NET beim Minister, et ass och nach méiglech e Recours beim Verwal-tungsgeriicht ze huelen. Net nëmmen d' „Branches de promotions" zielen, mee och dat Sozialt soll a betruecht gezu

ginn. Wann d'Kand ganz lues ass, net matkënnt, ëmmer kräischt, net räif ass, soll d'Equipe pédagogique eng Dezisioun huelen. D'Enseignante solle versichen d'Elteren dovun z'iwwerzeegen dass et besser wier hiert Kand nach ee Joer méi laang an dem Cycle ze loossen. Am Schoulgesetz steet zwar, dass nëmmen d' „Branches de promotions" zielen. Wann d'Elteren dann net d'Accord sinn dass d'Kand nach beift, muss et an de Cycle duerno viru goen. D'Zweifel vun der Equipe péd. ginn dann an d'Bilane geschriwwen, souwuel an d'Bilans intermédiaires, wéi an de Bilan de fin de cycle .

Also, d'Equipe péd. kann souwuel ee „raccourcissement , wéi een allongement de cycle" décidéieren, ouni den Avis vun den Elteren ze berücksichtigen. Wann si net averstane sinn kënne si ee „recours" beim Inspekter maachen.

D'Maturitéit vun de Kanner ass awer ganz schwéier ze dokumentéieren, wéi kann een dat den Eltere beweisen?
Dëst ass natierlech schwéier ze dokumentéieren, mee et soll een d'Elteren doriwwer informéieren, wou hiert Kand a wéi engem Beräich, steet.

Wéi ass et mat de Bilan de fin de cycle, ginn déi nach gedréckt?
D' „Bilan de fin de cycle" ginn dëst Joer net méi verschéckt, nëmmen nach d'Karkass dervun, de Rescht kann ee sech iwwert de Scolaria erausdrécken. D'Karkasse solle beim Ministère bestallt ginn.

E Kand wat misst 2 Joer an de Précoce goen, däerf dat éischter, d.h. no engem Joer „précoce", an de Cycle 1.1 goen?
Wann d'Equipe péd. der Meenung ass, dass d'Kand räif ass fir virun ze goen, an d'Gemeng domat d'Accord ass, dann däerf et éischter an de Cycle 1.1 goen. D'Kand bleift jo am selwechte Cycle, och wann et eréischt 3 Joer huet.

D'Surnumérairen däerfen déi net mat op eng Sortie oder en Ausflug goen?
Dës Décisioun hänkt vun der Gemeng of. Deen 2. ass jo eigentlech do fir „Enseignement" an net fir deen aneren ze begleeden. Och fir an d'Kolonie muss d'Gemeng regele wie matgeet. Am beschten ass et wann Eltere mat ginn.

Hei nach allgemeng Aussoen zum Contingent:

-De Contingent ass geduecht fir uechtert d'Land d'Kapazitéite méi gerecht ze verdeelen. Fir d'Regierung ass 16 Kanner eng normal Kannerzuel pro Klass . Aner Faktore, wéi déi sozio-ökonomesch Situatioun vun de Leit, gi berücksichtegt bei der Rechnung vum Contigent. Vill Gemengen , déi besser gestallt sinn, hate méi Kapazitéiten, wéi virgesinn.
Stellt Iech vir, mir hunn iwwer 1900 Accueilstonnen am ganze Land.

-D'Enseignanten , déi elo eng 4 Joer Ausbildung hunn, miissten à même sinn och Klasse mat Problemkanner ze geréieren ! Et kann net sinn dass ëmmer spezialiséiert Leit do mussen agesat ginn.

D'Schwieregkeet läit bei deene klenge Gemengen. All Schoul soll responsabiliséiert ginn - et wier besser de Contingent géif pro Schoul accordéiert ginn, wéi wann de Contingent un d'Gemeng verdeelt gëtt, mee, leider ass dat vun der Regierung nach net esou virgesinn.
Déi ideal Gemenge sinn déi mat enger Kannerzuel, déi iwwer 300 Kanner läit . Eng ganz Rei kleng Gemenge, mat ënner 300 Kanner, oft nëmmen 200 Kanner, hunn dëst Joer zousäzlech Moyene kritt, besonnesch op der Musel an och nach e puer kleng Landgemengen.

Annonce Vitarium

De séchere Wee fir bei de Kollaps

☺ Just fir ze liesen an ze schmunzelen –net fir zevill eescht ze huelen ☺

Ëmmer héich Zieler setzen !
Alles zu 150 % maache wëllen a virun allem, alles eleng probéieren ze realiséieren.
Den Dages-, Wochen-, a Mountplang muss esou gefëllt sinn, dass et scho vu vireran net méiglech ass alles ze packen.

Exzessiv sech selwer kritiséieren !
Dat Gefill net alles fäerdeg ze brénge kenne mir jo schonn (kuck tipp 1) !

Bei allen Ufuerderungen a Revendikatiounen „JO“ ruffen !
Do gesäit een : …mir ginn einfach gebraucht, mir sinn wichteg !

Ëmmer fir jiddereen erreechbar sinn !
Och de Weekend an an der Vakanz. Den Handy, Lap-top, I-phone ni ausmaachen, scho guer net nuets !

Prioritéiten am Liewe setzen – d' Schoul ass dat Wichtegst !
« Enseignant « sinn ass net nëmmen e Beruff mee eng « Beruffung ». D'Famill an d'Frënn mussen dat verstoen, well ëmmerhin hu mir Pädagogik studéiert !

Privates – wann et da muss sinn- kënnt eréischt no der Schoul !
….de Kollaps kënnt dann och méi séier …

Mir sinn net nëmmen « Enseignant » mee och « Educateur » !
D'Schoul ass definitiv méi ewéi léieren ! Mir sinn do fir all Problemer vun de Kanner an, dat wat mir nach net esou gudd kënnen, dat léiere mir an enger « formation continue » ; well mir sinn d'Spezialisten um Terrain.

Schoul hale geet net duer, mir brauchen Zousazaufgaben !
Mir organiséiere mat Leidenschaft (wat Leide schaafft !): Schoulfester, Schoulausflich, Schoulkolonien, Schoulausstellungen, Schoultheater, Schoulbazar…..

Mir plädéiere vir d'Ganzdagsschoul !
Eréischt des Pädagogik kann en engagéierten Enseignant zefriddestellen. Elo kënne mir d' Kanner vu moies bis owes betreien an hinnen all déi Saache bäibréngen, déi si fir d'Liewen brauchen. Dat mécht dach de « Profi » ënnert eis aus.

De Weekend an d'Vakanzen sinn do fir eis op d'Schoul an d'Rentréeën ze preparéieren … mee dat ass awer wierklech net nei !

Quelle: Internet
Text: Theobald Joëlle

Hues aus Holz: Schrëtt fir Schrëtt

Material:

Offall-Holz vum Schräiner a verschiddene Gréissten
Neel, Hummer
Acrylfaarf (brong, wäiss, rosa)
Hëlze Spiessercher,
geschnidden Wackelaan
Pechpistoul

Oflaf:

1.All Kand sicht sech dräi Stécker Holz eraus:

- dat grousst fir de Kierper

- méi klenger fir d'Oueren vum Hues.

2. D'Ouere gi mat Neel um Kierper befestegt.

3. De ganzen Hues gëtt brong ugestrach an dréchene gelooss.

4. D'Ouere gi bannen e bësse rosa gefierft, de Bauch wäiss an d'Nues och rosa. D'Wackelaan ginn opgepcht.

5. D'Spiessercher gi mat der Pechpistoul als Schnurres opgepescht.

Gebastelt vum Précoce vun Tënten.
Michèle Houllard

Et komme sonneg Zäiten

Sonne-Projet aus dem Cycle 1 vun Altrier

Sonne-Projet aus dem
Cycle 1 vun Altrier

Assurance Marc Hilgert
Annonce

Annonce
Concept Espace